
# D'GAMELLE 2008



E Bliedchen vun de

**Luerenzweiler Guiden a Scouten**

# Impressum

## Redaktiounsuschrëft

**GAMELLE**
71A, route de Luxembourg
7373 Luerenzweiler
GSM : 691 309 737
em@il : gamelle@lgslorentzweiler.lu

## Chefredakter

LINCKELS Sven



## Redaktioun

Pit
Biber
Wellefcher
Avex
Carapio
Raro
Cheffen vu sämtlechen Branchen

## Oplo

120 Stéck

## Nummer

N° 19 erauskomm de 25. Oktober 2008

## Wat as dran?

**SÄIT**

| | |
|---|---|
| **1** | Cover |
| **2** | Impressum & Inhalt |
| **3** | Virwuert |
| **4 - 6** | Wichteg Adressen |
| **7 - 8** | E puer Wuert vun eisem Aumonier |
| **8 - 11** | Biber / Wellefcher |
| **12 - 14** | Avex |
| **15 - 19** | Carapio |
| **20 - 25** | Raro |
| **26 - 27** | Beschass |

*Wien Fehler fënnt, dierf se haalen oder beim Recycling-Center bei him an der Géigend ofgin.*

## E puer Wuert vun eisem ...

# Gruppechef

## 100

Dëst schenkt déi nei Trendzuel bei de Scouten ze sinn. Nodeems mir d'lescht Joer **100 Scoutismus** gefeiert hunn, ass de Mot d'ordre vum neien Scoutsjoer **100% Scout**.

100% Scout, jo dat klengt jo net schlecht. Mä ass dëst iwwerhaapt méiglech? Gett an der heiteger Welt net vun jidderengem iwerall 100% of verlaangt? 100% an der Schoul, 100% am Beruff, 100% an der Famill, 100% am Sportsveräin,… an dann elo och nach an de Scouten?

Keng Angscht, mir wäerten och an Zukunft keng Prüfungen an de Scouten schreiwen…, Ziel vum Mot d'ordre soll et vill méi sinn, sech no baussen, mat Stolz als Guide/Scout duerzestellen an de Leit ze weisen wat mir alles zesummen als Scouten kennen an och fäerdeg bréngen. De Scoutismus bleift nach wie vor eng Schoul fir d'Liewen. A wann jiddereen vun eis probéiert "d'Welt e wéineg besser ze hannerlosen wei hien se fonnt hued" dann kennen mir och all mat Stolz den Numm SCOUT droen.

De Scoutismus kann awer nëmmen dann funktionéieren, wann genuch Leit do sinn, déi och bereet sinn eng Chefcharge ze iwwerhuelen. Mir hunn zu Luerenzweiler déi grouss Chance all Branche vun de Guiden a Scouten unzebidden, well mir genuch motivéiert Chef hunn. Hinnen all well ech hei nach eng Kéier VILLMOOLS MERCI soen.

Mee net nëmmen ons Chef hunn sech fir dëst Joer vill virgeholl, och bei muenchen " Anciens " blénken nach ëmmer d'Aen wann si un hir Zäit bei de Luerenzweiler Scouten zréck denken. An esou koum et, dat onsen aale Gruppechef, de Luss Weyrich, d'Idee opgeworf hued eng Amicale vun de Luerenzweiler Guiden a Scouten ze grennen. 100% motivéiert wei hien ass, waerd et och net méi laang daueren bis déi 1. Memberskaarten verkaaft ginn. Avis aux amateurs :-)



Dir gesitt, et get ëmmer eppes neies. An Ideeën fir 2010 sinn och schonns an der Maach, mä do zou get et dann an der nächster Gamelle bestëmmt méi….

Be aware.

*Carole*

# Wichteg Kontakter

## BIBER



Responsabel

KRECKÉ **Elisabeth**
TEL : 32 81 38
GSM : 621 768 176



BRÜCK **Mich**
TEL : 32 83 82
GSM : 691 801 737



BIDOLI **Renée**
TEL : 32 79 69
GSM : 621 784 250



MAYER **Catherine**
TEL : 32 92 93
GSM : 621 730 324
Email : kerropi_@hotmail.com



SCHOSSELER **Sven**
TEL : 32 92 42
GSM : 661 791 461
Email : infest@pt.lu



GALLELLI **Jill**
GSM : 691 720 327
Email : deivelchen@email.lu

## WELLEFCHER



Responsabel

ROMMES **Anne**
TEL : 32 72 93
GSM : 621 630 041



BICHLER **Fanny**
TEL : 33 73 08
GSM : 621 214 989



DOSTERT **Misch**
TEL : 33 28 92
GSM : 621 421 805



FOURNELLE **Germain**
TEL : 33 81 70
GSM : 621 758 116
Email : paterpaintius@yahoo.de



BRÜCK **Pol**
TEL : 32 83 82
GSM : 661 785 848



SCHINTGEN **Pol**
TEL : 33 05 34
GSM : 621 281 145



SCHOSSELER **Jil**
TEL : 32 94 42
GSM : 691 844 525
Email : sonneblumhm@hotmail.com



MOLITOR **Anne**
TEL : 33 73 88
GSM : 661 753 818



MULLER **Ernestine**

## AVEX



Responsabel

BECK **Jemp**
TEL : 32 60 84
GSM : 621 750 159
Email : bejehe@yahoo.de



BIDOLI **Charel**
GSM : 621 526 217



BISENIUS **Ben**
TEL : +49 461 8404417
GSM : +49 176 96033258



BISENIUS **Lisa**
GSM : 691 789 739



BOURMER **Fränk**
GSM : 621 130 464

## CARAPIO



Responsabel

LINCKELS **Sven**
TEL : 26 33 20 62
GSM : 691 309 737
Email : sven@seven.lu



NEY **Carole**
TEL : 26 33 42 40
GSM :  661 339 812



PANETTA **Nico**
TEL : 32 95 42
GSM : 621 253 953



SCHROEDER **Ander**
GSM : 661 730 814
Email : ander@trekking.lu



BECK **Max**
GSM : 661 941 010
Email : bemagoss@yahoo.de

## RARO



Responsabel

PEUSCH **Mireille**
TEL : 26 701 777
GSM : 661 791 115



HÖFLIGER **Tessy**
GSM : 661 393 494

## ALBATROS



Responsabel

WEBER **Men**
TEL : 44 94 47
GSM : 621 135 159

## DEN LGS SHOP ...

**... as ze fannen :**

5, rue Munchen-Tesch
Luxembourg

**... as op :**

Dënschdes : 15:00 bis 18:00 Auer
Donneschdes : 15:00 bis 19:00 Auer
Samschdes : 09:00 bis 12:00 Auer
*Während de Schoulvakanzen as de Shop zou !*

**... as ze ereechen :**

ënner dem TEL : 26 94 84 - 31
oder per EMAIL : shop@lgs.lu

## GRUPPECHEF



NEY **Carole**
TEL : 26 33 42 40
GSM : 661 339 812

## GRUPPECHEF ADJOINT



SCHROEDER **Ander**
GSM : 661 730 814
Email : ander@trekking.lu



LINCKELS **Sven**
TEL : 26 33 20 62
GSM : 691 309 737
Email : sven@seven.lu

## KEESSIERE



EVERAD **Chantal**
TEL : 32 65 75
GSM : 621 144 951

## AUMONIER



REUTER **Pit**
TEL : 32 03 50
GSM : 621 137 522

## FOYER



**FOYER ST. LAURENT**
23, rue St. Laurent
7370 Lorentzweiler
TEL : 33 07 08

## E puer Wuert vun eisem ...

# Aumonier

Léiw Guiden a Scouten vu Luerenzweiler a Lëntgen (erlaabt der mer dat ?)

E " Guiden- a Scoutsjoer " ass eriwer an dat neit Joer mam Motto " 100% Scout " (wéi och an der Veillée) ass schons amgaang. D'läscht Scoutsjoer konnt ech net esou dobäi sinn wéi ech et gewollt hätt, mee a mengem Gebiet an a mengem Häerz waart dir ëmmer do! E ganz décke Merci soen ech Iech alleguer a ganz speziell dem Carole an dem ganze Grupperot.

Dëss Vakanz, vum 12. bis den 20. Juli konnt ech zu Sydney an Australien d'JMJ (Weltjugenddeeg) materliewen. Do ware mer als 2 Responsabel an engem Jugendlechen aus dem Dekanat Miersch vertrueden. Leider huet ee Meedchen sech am allerleschte Moment aus Gesondheetsgrënn missen ofmellen.
Et war eng wertvoll a frou Erfahrung fir eis 50 Letzebuerger alleguer. D'Thema war jo: "You will receive power when the Holy Spirit has come upon you; and you will be my witnesses." All Wuert, all Gespréich, all Begéinung, all Fest, an esouguer d'Schlofen ënner fräiem Himmel bei 8 Grad huet méi wéi 200.000 Jugendlech nei opgebaut a bestärkt an hirem Sichen a Liewen um chrëschtlechen a mënschleche Plang … je e Monter-coolen Jamboree praktesch!! Och ganz vill Scouten aus der ganzer Welt ware vertrueden.
No deenen 8 méi spirituellen Deeg ass eis erliewnesreich Reess bis den 30. Juli Ostwärts weidergaang (praktesch 2.900 km Bus) bis an den Norden op Cairns. Ennerwee huet eng wonnerschéin Natur, an formidabel frëndlech an dévouéiert Leit eis empfaang! Och eng Visite an engem nogebauten Duerf vun den Urawunner vun Australien (och haut bilden si nach eng grouss Communautéit déi endlech neess méi respectéiert gëtt) war hyperinteressant a mënschen-no léierräich. Esouguer e Bumerang-Cours hu mer konnte matmaachen. Kangeruen hu mer nëmmen vu wäit gesinn. Koalaen mat hirem praktesch seidene Pelz si mer vu ganz no begéint. Schwärm vu Papageien an Perrüschen waren iwerall, awer esou schnell, datt ee se praktesch net fotograféiere konnt … mee de Kamméidi /a kee Gesang) dee se gemaach hunn, ass nach an eisen Oueren!



Vun Tauchen a Schnorchelen fir Korallen a formidabel faarweg a ganz speziell Fëscharten ze gesinn, virun allem vun enger "paradiesescher Insel" dreeme mir sécher nach laang!
Wat mir all erliwet hunn ass, datt "mënschlech Begéinungen an Natur" eng zolidd Stäip sinn fir um Wee mat Gott an zu Gott können ze sinn. Eng Grimmel konkret Glaawenserfahrung duerfte mer maachen, nei Frëndschafte schléissen, méi no beieneen an zu eneen fannen, ganz am Sënn, datt dëss Welt äennere kann wa jidderee säi Bëschen, bescheiden an engagéiert, dozou beidréit.

## E puer Wuert ...

Léiw Guiden a Scouten, en echten autraleschen a fonktionnéierende Bomerang könnt no … vill Freed domat! E soll awer bei iech bleiwen … emmer nees erëmfonnd ginn!! An eis all am Sënn vum B.P. a senger Frau mënschlech bis an de Kär vun eis alleguer "friddlech" a befreiend treffen.

**P.S.**
a) En Aumônier daerf och muenchmol sech enttäuscht fillen (en muss a soll et och soen!!) … an och déi Équipe aus dem Parverbandsrot déi vill Zäit an Énergie asetzt fir eppes Wertvolles "unzebidden", esou eng Jugendmass … wéi se zu Löntgen gefeiert gouf. E coole Jugendchouer (+/- 20 Jugendlecher) huet mat de Leit zesumme gesongen … 2 Jugendlecher vun iwer 200 Ugeschriwwenen ware komm.

b) En Aumônier (deen deen eppes vu sech matgëtt, kuckt d'Gamelle virun e puer Joer) daerf och vill Hoffnung a Vertrauen hunn. Ech hu Vertrauen an de Grupperot, an d'Cheftainen a Cheffen, a soen nach eemol e grousse MERCI fir all bénévole Engagement, an all déi, déi mat vill Zäit, Léiwt an Häerz eng Chef(taine)-Formatioun matmaachen!
100% Scout

*Aere Pit*

An dann nach e ganz haerzleche Merci fir aer solidd an trei Matarbecht op eiser Kiermes, am Numm vun den Oeuvres paroissiales. Aere Geste als Participatioun zu den Ausgaben déi fir O.P. néideg sinn am Interesse vun eisem Lokal an am Déngscht vun engem Wierk wou mer solidaresch hëllefe wëllen. An iwregens, déi renovéiert "Wunneng" vun eiser Trupp ass mega flott gin!! Merci!
Iwregens sinn déi nächst Weltjugenddeeg 2011 zu Madrid a Spuenien!! Avis aux amateurs!






## Geschichten

De Germain an de Sven hun eis heinsdo Horrorgeschichten erzielt. Den éischten Dag krute mer eng witzech Geschicht erzielt an déi aner Deg krute mier Horrorgeschichten erzielt…
E puer mol sin aner Kanner gaang well et ze gruselech war. D'Jil an e puer Kanner hun och Horrorgeschichten erzielt …

*Vanessa*

## Deen éischten Dag

Mier sin owes mat den Täscheluuchte bei d'Feier gaang. Do hat de Sven eng Veillée gemaach iwwert d'Vikinger. Mier hu 4 Spiller gemaach :

1. Ween am längsten dem Sven säi Schwert ophiewe konnt.
2. Mier hu mat Holz e klengt Haus gebaut an dunn hu mer misste probéiren et ofzefakelen … dat hat awer net su richtech geklappt.
3. Ween am härtste bläre konnt.
4. Bei deem leschte Spill si mer eis eng Rüstung siche gaang.

Dunn hu mer missen an d'Zelter schloofe goen. Den Tun huet dunn di ganzen Zäit PARTY gemaach.

*Lisa*

## Kanada

Nom Iesse si mer mam Dii an de Besch Holz siche gaangen.Jiddereen huet gehollef :
Den Dii huet d'Holz futti gemaach a mier hun et erof gedroen.
Beim Feier huet de Germain Zeitung an déi aal Kornflakeskëschten a Stécker gerass an den Andrea huet ganz aleng Holz fier d'Feier geholl. Hien huet et op di brennend Zeitung geluecht an dat kaalt Feier huet ugefaange warm ze gin.



Mettes huet de Pol Paangescher gemaach. Déi hun eis alleguer ganz gudd gefall. Während dem Iessen hu mer eis erzielt, wat mer nom Iesse maachen.
Dun ass den Andrea op d'Idee komm, Falen ze bauen. Dono si mer an de Besch lassgezunn fier Fale fier Schwäin ze bauen. Mier hun eng Gromper kritt an domatt hu mer eng Fal mat engem Steen gebaut. De

Steen houng un engem Seel dat ënne mat engem anere Steen festgemaach war. Mier hun dono um Wee nach eng al Flesch fonnt, déi mer op e Bam gespaant hun an un d'Seel eng Gromper gehaang hun. Dono hu mer nach e Lach gegruewen a spatz Steng gemaach an drageluecht.

Op eemol huet et ugefaang ze Reenen a mier hu Schutz ënnert de Beem geholl a gewart bis et opgehal huet. Mier haten nach eng hallef Gromper iwrech, an et huet nach ëmmer gereent.

Wei et opgehal huet war et scho 6 Auer. De Germain huet eis bei d'Feier geruff. Déi rescht Gromperen hu mer op de Buedem geheit a sin erof gelaf.



Lo iesse mer an de Jérôme an ech hunn eis Brout geholl dun hu mer d'Kuuscht giess an dat mëllt eraus geholl an et zu klenge Kurele geformt. Dunn hu mer se mat der Hand an d'Luucht geschoss a mam Mond opgefaangen a giess. Mee heinsdo ass d'Kurel och doniewt gaang an op de Buedem gefall. Nom Iesse louch de Buedem ganz voll mat Kurelen a mier hun se einfach leie gelooss. Du si mier an d'Zelt gaangen, hunn eis ageriicht a geschlof.

*Michel*

## *Wëldschwäifalen an Indien*

Moies si mer opgestan a mier hun d'Wëldschwäifale gekuckt awer et war kee Wëldschwäin an der Fal a fierdrun hate mer de Pol wakrech gemaach.

Mëttes ware mer an d'Baach schwamme gaang a mier haten all Dag Feier gemaach. Mier hate verschidde Spiller gemaach an an der Veillée hate mer suguer en indescht Gebiet gemaach a Pudding giess.

*Jérôme*

## *An England (an e bëssen a Süd- a Mëttelamerika)*

Moies hu mer Menze gemet aus Salzdeech. Mëttes gouf et Fischstäbercher mat Gromperen.

Mëttes hu mer Heilenntgéimms gemat zum Beispill dem Pol séng Camionette gezunn, mat décke Stng geschoss, Bidone gedro, Baamstammschéissen a Ball-héisch-schéisse gemat.

Owes hate mer eng Veillée iwwer Süd- a Mëttelamerika. Do hu mer Spiller gemaach wéi een am Djungel iwwerlieft.

Zum Schluss krute mer leckere Schoki.

*Tun*

## *Australien*

Deen 2.leschten Dag ware mer an Australien. Do si mer an de Bësch Spiesser maache gaang. Dunn hu mer am Reen gegrillt an dono hu mer nach en Australie-Quiz a Spiller gemat !

*Gilles*

## *Holz sichen a méi ...*

Mier hun Holz gesammelt. Bus zéien, Holz schéissen, Steng schéissen a mier hu Schokola-Bannanne (lecker) a Paangescher giess.

Den Tun huet di ganz Nuecht PARTY gemaach an dofier krut en der och e puer vu mier !

*Fränk*



# Zirkus-Weekend
## zu Beggen

Um Halwer 3 hu mer eis alleguer beim Chalet zu Beggen getraff, direkt sin d'Zemmeren opgedeelt gin, an jidereen huet sech seng Plaatz gesicht!
Dono ass et mam Programm lassgaang: Den Zirkusdirekter Germanistiko huet seng Geschicht vun der laaaaaaanger Rees bis an dest Duerf gezielt, an seng Mattaarbeschter virgestallt: do waren dobai: d'Akrobatin Elisaseel, d'Clownin Annabel, d'Dompteurin Renatiger, an de Stärkste Mann vun der Welt, den Menkules!
Des Artisten hun alleguer hier Aarbescht an daat bescht Liicht gerekelt, an de Kanner direkt gewisen wie ee sou eng grouss Zirkus-show Virbereed. D'Biber an d'Wëllëf hun vill Saachen missten selwer ausprobeieren: Wei zum Beispill déi geféierlech Déieren an d'Manege brengen, oder dem Clown bei der Pantomim hellefen. Nemmen sou kann eng gudd Virtsellung virbereed gin.



Dobai dierf een Zirkusorchester natirlech och net feelen, an d'Instrumenter dofir goufen och direkt gebastelt.
No engem richtegen Zirkusiessen (Hotdog mat Moschter) war et dunn och schon sou wait: die nei Artisten hun der ganzer Zirkuscrew gewisen, waat se alles am Daag geleiert hun, an hun eng eegen Virstellung op d'Been gestallt! D'Clownen an d'Akrobaten hun eis witzeg a gefeierlech Nummeren virgefouert.
Dono goufen se mat enger gudder Tuut Popcorn belount, an dunn war et och schon Zait vir an d'Bett.
Deen aanere Moien ass et direkt wieder gaang: Déieren waaren iwwer Nuecht all Fortgelaaf, an d'Kanner hun der Zirkuséquipe missen hëllefen vir se rem ze fannen. Se sin de Spueren no gaang, an hun ennerwee nach vill schwéier Aufgaben missen léisen. Nodeems des Missioun hinnen gelonge war , kruten se all eppes guddes z'iessen.
Mettes hun d'Kanner dunn d'Verspriechen gemaach, et goufen nach vill Spiller gemaach an sie hu gehollef den Zirkus rem anzepaaken.
Um 5 Auer sin Kanner hier Elteren komm, an hun hier kleng Artisten rem mat heem geholl.




**Vum 30. August bis 6.September**
Thema : die Schwarzwaldbande

## *Tag 1*

Um 10 Uhr sind wir in Lorentzweiler abgefahren, und wir sind um 16 Uhr in der Mathislehütte bei Hinterzarten angekommen. Um 20 Uhr haben Jemp und Fränk sich als Polizisten verkleidet (Waldi und Schwaldi) und haben uns erklärt, was wir tun müssten um eine Schwarzwaldbande zu werden, d.h. wir mussten verschiedene Prüfungen bestehen. Als wir dann eine Bande waren, gingen wir ins Bett. Fränk hatte uns noch einen Bären aufgebunden in dem er eine Geschichte erzählte, dass wir mit einem Floss in eine Grotte fahren würden und dann weiter in den Rhein und von dort ins Meer. Das mit dem Meer glaubte aber keiner mehr. Dann schliefen wir ein.



## *Tag 2*

Um 8h00 standen wir auf um Kaffee zu trinken. Um 10 gingen wir zum Mathisleweiher um ein Floss zu bauen. Um 14h30 waren wir damit fertig. Wir zogen Schwimmwesten an um auf dem See zu fahren. Wir waren bis 18 h beim See. Dann machten wir ein Nachtspiel, danach gingen wir zum Lagerfeuer um zu singen. Dann kamen Jemp und Fränk, die sich wieder als Polizisten Schwaldi und Waldi verkleidet hatten, und von einem Diebstahl erzählten, und zwar wurde eine goldene Kuckucksuhr aus dem Münster in Freiburg geklaut. Wir müssten ihnen helfen diese Uhr zu finden.

## *Tag 3*

Um 8h00 standen wir auf um Kaffee zu trinken. Um 10h haben wir T-shirts gemalt. Um 14h30 spielten wir "schlag den Chef", das Gleiche wie "schlag den Raab". Wir verloren leider. Um 20h hatten wir eine Versammlung wo wir viel über die Detektive lernten, d.h. wie man Leute beschattet oder wie man jemanden verfolgt. Doch das Beste war als wir einen Fussabdruck vom Dieb nahmen, der die Kuckucksuhr gestohlen hatte.

## *Tag 4*

Um 8h00 standen wir auf. Um 10 Uhr fuhren

wir bis 20 Uhr in den Europapark. Der Höhepunkt war der "Silverstar". Weil jeder müde war, unternahmen wir abends nichts.

## Tag 5

Wir standen um 8h00 auf. Um 10 Uhr gingen wir auf die höchste Stelle von Baden-Würtemberg, d.h. auf den Feldberg. Wir gingen 13 km weit und dann noch  400 M. in die Höhe. In einem Gasthaus ruhten wir uns aus und tranken etwas. Als wir zurückfuhren, begann ein Gewitter. Abends spielten wir Poker.

## Tag 6

Wir standen um 8h00 auf. Um 10 Uhr machten wir eine Olympiade. Um 14h30 gingen wir nach Freiburg und wir machten bis 17 Uhr einen Rallye. Dann bekamen wir in einem Geschäft noch einen Hinweis zu dem Dieb der Kuckucksuhr. Um 18 Uhr gingen wir in Freiburg in ein Restaurant.

## Tag 7

Heute standen wir ausnahmsweise um 8h00 auf. Nach dem Kaffee trinken, gingen wir ein letztes Mal zum Mathisleweiher, fuhren noch einmal mit dem Floss und nahmen es dann wieder auseinander.

Um 12 Uhr haben wir zu Mittag gegessen. Am Nachmittag gingen wir zu Fuss zum Titisee, weil dort der Kuckucksuhrdieb anscheinend ein Rendez-vous mit einem Hehler hatte. Am Titisee angekommen, haben uns Waldi und Schwaldi berichtet, dass die beiden Gängster mit der Kuckucksuhr auf einem Tretboot geflüchtet sind. Wir haben dann schnell auch ein paar Tretboote gemietet, und haben die beiden Verbrecher auf dem Titisee umzingelt und gestellt.



Abends wurde der glückliche Ausgang des Kuckucksklau's gefeiert, und zwar mit einem Empfang mit einem festlichen Buffet und guter Schwarzwälder Kirschtorte in unserer schönen Mathislehütte.






Mir sin Samstes Mëttes mam Auto beim Schlass zu Huelmes ukomm an hun eis Sachen ausgepaackt. Mir hun eis Montée direkt gemaach, nodeems mir ukomm sin. Mir missten verschidden Téin fannen, an deenen nogoen. Duerno kruuten mir eis Aaen verbonnen an missten engem Furdem nogoen. Zum Schluss war eng grouss Schaukel. Op der Schaukel haat den Olivier ganz vill Angscht, well sie war héisch iwert dem Buedem. Dunn hu mier eppes gies. No der Ritter-Veillée waren d'Avex an d'Carapio nach méi lang op, mee d'Wëllef sin direkt schlofen gangen. Moies hun mir Schlësselen gesicht an domat hun mir Schatzkëschten opgemaach. Mee daat schweierst dorunner war, dass mër veier Schlësselen siche missten, fir d'Këscht mat den Séissegkeeten opzemachen. Wei mer d'Kamellen font hun, hu mir Ritter se direkt gies. Dann gouf et Spaghetti, an dunn hun mir eis Saache gepaackt fir heem ze fueren. Ier mier heem gefuer sin, hun mir verschidden Spiller op der Spillplatz gemaach.

*Michel, Olivier, Céline*

## Weekend zu Heeschdref

***1 Daag***

Moies hun mër eis zu Heeschdref getraf. Wéi dun all Avex do waren, sin mër an den Mariendall gefuer, vir am Abenteuerpark ze kletteren. Dann hun déi Leit vum Park sëch virgestallt an hun eis d'Secherheetsuweisungen erklärt. Dann sin mër op déi Platz gangen, hun eis Sëcherheetskleeder ugedoen an dann as et lass gangen. Ech war daat Zweetläscht wéi ëch baff uewen war, an sin ërem erof gangen, duerch meng Höhenangst. No e puer Stonnen sin mër ërem an d'camionette gangen, an an de Foyer gefuer op Heeschdref.

Owes hun d´Cheffen eng Véillee gemaach. Mir hun dun Rätselen gemaach an geléisst! Et war op jidwerfall witzeg.

Dun war et Zeit fir an d'Bett 9. Mais mir hun nët direkt geschlof, an hun nach ganz vill gëlacht an domheeten gemaach. Mir hun réischt no enger Stonn gëschlof.

***2 Daag***

Moies hun mër gudd gies. Moies bis Mëttes (12.00) hun mër eng Schatzsich gemaach. All kéiers hun mir Bréiwer font. Dono wéi mier zreck gangen sin, hun mer eppes zu Mëttes gies (Mir hun Spaghetti gies). Nom Iessen hun mir nach d`Kaart gemaach vun der Schatzsich. Mir hun missen eng Aufgab machen fir daat läscht Steck vun der Kaart ze fannen, an zwar an 5 Minuten d'Zemmer opzeraumen. Duerno haaten mër d'Kaart voll. Mir sin raus gangen, an hun den Schatz gesicht. An der Schtztruh waren Kammälen an daat Geměschels. Duerno sin mër ërem an den Foyer zereck gangen.

*Melanie an Eric*




## Dënschdes, de 15. Juli 2008

Moies fréi huet jiddfereen op verschiddene Statioune (Miersch, Lëntgen, Luerenzweiler a Walfer) den Zuch geholl. An der Stat si mir erausgeklomm a si mam Bus weider bis op de Flughafen Hahn gefuer.
Mir hunn dunn agecheckt an si mat engem Fliger vu Ryanair op Edinburgh geflunn. Dann ass et rapid duerch d'Passkontroll gaangen, duerno mat engem Bus an d'Géigend vun eisem "Youth Hostel". Mir sinn e puer Meter geträppelt an hunn eist Gepäck an d'Jugendherberg gedroen.
Et war schéint Wieder, also si mir an de Park pick-nicken gaangen. D'Lena, d'Julie, d'Fanny a d'Carole hu sech d'Hoer gefierwt. Dunn war Shopping ugesot, duerch d'Stroosse vun Edinburgh! Owes dann, si mir zesummen iesse gaangen, an dann nach e klenge Verdauungsmarsch!



Zréck am "Youth Hostel" hu mir an eisem Zëmmer gechillt an e puer Spiller gemaach. Wéi mir midd gi sinn, si mir schlofe gaangen.

*Lisa*

## Mëttwoch, de 16. Juli 2008

Moies si mir opgestaanen an dunn si mir emol bis an de Park geträppelt. Am Park hu mir emol eis Schmieren gefruppst. Dunn hu mir eng gudd "Bulldog " gespillt an hunn eis de "Bierg" erof gerullt.
Dunn hu mir de Bus geholl an si bis op Glasgow gefuer an dunn nach 3 Stonnen bis op Fort William.
Dunn hat sech schonn jiddfereen op de Camping gefreet, mee nee, mir hunn natierlech nach mussen träppelen. Dunn hu mir d'Zelter opgeriicht an et eis gemittlech gemaach. Dunn hu mir lecker "gewürzte" Ravioli giess. Mir hu komesch Geräicher aus dem Zelt ginn an dem Sven "Positioune" gewisen.

*Lena*

## Donneschdes, de 17. Juli 2008

Mir sinn zimlech fréi opgestanen. Mir hu

Kaffi gedronk an eis Kellogg's gefruppst. Dunn hu mir mega laang gebraucht fir eis Zelter anzepaken. Dunn si mir lassgetrëppelt.
Zu Fort William si mir emol bei ee Steen gaangen, wou iergendeppes iwwert de Great Glen Way stoung.



Mir sinn emol voller Motivatioun lassgetrëppelt a getrëppelt, getrëppelt a getrëppelt…. Iergendwann wollte mir mëtteg iessen. Dunn si mir op eng Plaz gaangen an dunn war et awer op der falscher Säit vum Kanal. Dunn si mir nach méi lang getrëppelt bis mir bei eng Bréck komm sinn. De Bréckentyp huet Bréck extra zougemaach. Dunn hu mir giess. Dono si mir weidergetrëppelt an d'Motivatioun ass zimlech erofgaangen. Iergendwann si mir ukomm a waren all freckt. Dunn hu mir missten eist Zelt oprichten. Mir waren esou freckt! Mir haten geduecht et géing net méi schlëmm goen. Wéi mir eis do giert hunn!!

## *Freides, den 18. Juli 2008*

Moies sollte mir zimlech fréi opstoen, sou datt mir dësen Dag éischter uwaren fir déi 2. Etapp ze bewältegen. Dat heescht mir hunn eis Zelter direkt ofgeriicht an Kaffi gedronk, a lass goung et vum Camping zu Gairlochy duerch den Urwald laanscht de Loch Lochy via South Laggon.
Dës Etapp huet am Ufank méi interessant gewierkt, well mir net laanscht e langweilegen Kanal marschéiert sinn, mee wéi gesot duerch d'Pampa. Iergendwann ënnerwee hate mir nach e geheimnisvolle Wee entdeckt, deen eis an e mysteriéisen Elfebësch geféiert hat.
Mëttes hu mir dann eng Paus beim Loch ageluecht, wou mir dunn eng gudd waarm Brittzopp giess hunn. Mee d'Gléck sollt net op eiser Säit sinn, well dunn huet et och direkt ugefaange mat schiffen, an dat huet sech och net méi gebessert.
Wéi mir dunn mat enger Avance vun 10 Minutten an 21 Sekonnen ukomm sinn, hu mir eis geduecht, datt mir eis emol relax géifen an de Boat-Pub tessele goen.
Wéi dunn och déi lescht ukomm waren hu mir eis e gudde waarme Schocki gegönnt.
Am léifsten wiere mir net méi do erausgaangen, mee et sollt net sinn, well de Proprietär hat owes d'Buud voll, an esou missten mir nees no 20 Minutten "die gute alte Stube" verloossen.
Dunn sollte mir eis Zelter oprrichten, mee do hate mir d'Rechnung net mam Wand gemaach, deen elo och nach bei de Reen dobäikomm ass. An esou gouf et en zimlech fiichten Owend, an dat no engem ustrengenden Dag, an wat war déi natierlech d'Konsequenz: Zickenterror!
Iergendwann sou géint 11 Auer hu mir zu owes giess. Et war zimlech spéit ginn, well d'Cheffen missten am Zelt um klengen Gaskocher kachen.
An dunn goung et ab an d'Heia.

*Max*

## *Samschdes, de 19. Juli 2008*

Mir konnten emol eng Kéier bis ongeféier 11 Auer schlofen. Dunn hu mir alles ageraumt an d'Zelter zesummegepak. Mir sinn deen Dag nämlech net getrëppelt. Dunn si mir eenzel op Fort Augustus gefouert ginn. Mir hunn eis op iergendenger Wiss nid-

dergelooss. Vis-à-vis vun eis war esou Waasser.
Mir hu mëttes eng Zopp genammt. Dunn si mir iergend eng Kéier op eng Wiss bei enger Schoul gaangen an hunn Crossgolf geplayt. Dunn sinn och voll déi aner komm an dunn hu mir Highland Games gespillt. Et war z.B. 6 Béchsen sou laang wéi méiglech an der Luucht halen. Dunn sinn nach verschiddener vun eis an de Buttik gaangen. Owes hu mir dunn Spaghetti Carbonara giess a kruten eng Cola.
Dunn hun déi aner ërem gespullt a mir hunn e bësse ronderem gechillt. "Mir" hu probéiert d'Cheffen z'iwwerrieden, datt mir net méi trëppelen missten an hinnen géingen d'Zelt opriichten.
Mee dunn hu si sech dofir entscheed di lescht Etapp an 2 ze deelen.
Ajo, an dunn si mir an d'Nana gaangen.

*Fanny*

## Sonndes, den 20. Juli 2008

E Sonnden de Moien si mir géint 8 Auer opgestaanen an hunn eppes giess. Wéi mir färdeg waren, hu mir eis kleng Rucksäck gepak a si lassgaangen. Eis Etapp ass vu Fort Augustus bis op Drumnadrochit gaangen, an dann nach e Stéck mat der Camionnette weider.



Ennerwee sinn de Charlie, Max, Lisa, Sven an Nico een Emwee gaangen.

Zu Drumnadrochit ware mir an enger Jugendherberg. Do si mir dann och dusche gaangen. Owes hu mir eng "Penne à l'Arabiata" giess, déi war awer net scharf. Dunn hate mir nach eng Pisspaus ier mir mat der Owesaktivitéit ugefaangen hunn. Mir hunn "der grosse Preis" gespillt, mir haaten 2 Ekippe gemaach. Mir hunn d'Spill awer net färdeg gespillt, mee den Zwëschestand weist datt "Keng Ahnung" kloer vir war.

*Carole S.*



## Méindes, den 21. Juli 2008

Mir si moies (wéi ëmmer) vill ze fréi opgestaanen. Mir waren an der Jugendherberg zu Drumnadrochit. Dunn hu mir eis (hoffentlech all?) gewäsch an hunn dobaussen bei herrlechem Wieder zu moies giess.
Duerno hu mir nach d'Rucksäck virun d'Camionnette gedroen a si lassgaangen. Mir wossten zwar, datt dëst mat offiziellen 10,5 km déi kierzten Etapp war, mee et war eng schwiereg Etapp, déi sech de Bierg eropgeschlängelt huet. De Nico huet gefuddelt andeems hien de Bierg ëmmer riicht eropgelaf ass, a net dem Wee nogaangen ass. No enger schwiereger Montée hate mir awer dofir eng wonnerschéin Aussiicht op den Dall. A well d'Wieder sou gudd war, hu mir och vill gesinn.
Duerno huet de Wee sech awer nach schéi laang gezunn, bis mir dunn op eiser

Campingplaz ukomm sinn. Do hu mir dunn eppes klenges giess, an eng cool Klunsch entdeckt, op där mir dann de ganzen Owend gespillt hunn. Owes as dunn bei de Jongen ganz spéit ginn, well si gemengt haten, bis halwer 2 liesen ze mussen.

*Christophe*

## Dënschdes, den 22. Juli 2008

Haut war de leschten Dag wou mir de Great Glen Way geträppelt sinn. Dowéinst ware mir och haut e bësse méi motivéiert. No deene 17 km ware mir alleguerten e bësse midd an haten d'Féiss oder och aner Saachen wéi. Dunn si mir emol eppes Guddes op eng Terrasse drénke gaangen. No engem gudde kale Gedrénks an enger klenger Paus hu mir eis op de Wee vir op de Camping gemaach.
Dunn krute mir nach eng Iwwerraschung vun de Cheffen. Mir sinn an den Aquadrom gaangen an do war et zimlech flott, mir hunn eis géigesäiteg gezappt a si gerutscht. Um 8 Auer ware mir dann ërem um Camping an hu Bolognese-Zooss gekacht. Kleng Verbrennungen sinn och net ausbliwwen! Wéi mir dunn d'Waasser fir d'Nuddele kache wollten, war dat guer net esou einfach. D'Waasser wollt net esou richteg kachen an de Sven wollt Boxemännien dem Feiergott opferen. Wéi dunn endlech d'Nuddelen am Waasser waren, war et dunn och schonns halwer!
Mir hu giess a sinn Dada maache gaangen.

*Carole B.*

## Mëttwoch, den 23. Juli 2008

E Mëttwoch de Moien si mir fréi opgestaanen, wéi ëmmer! Dono hu mir eis ugedoen an eppes giess, an eise Pick-Nick fir mëttes gemaach. Dunn si mir géint 09:40 Auer fortgaangen fir 1,5 km mam GROUSSE Rucksak bis bei d'Busstatioun ze goen. De Bus ass um 11.10 Auer komm. Dunn soutze mir mol +/- 4 Stonnen am Bus fir vun Inverness op Edinburgh ze kommen. D'Cheffen si mat der Camionnette gefuer. Hei zu Edinburgh hu mir eis dann am Hostel getraff. Dunn hate mir Fräizäit, wou jiddereen maache konnt wat hie wollt. Spéider hunn d'Carole S. an d'Lisa eis eng schéin Zëppi gekacht. Dono hu mir eng Véillée gemaach, wou jiddereen zu zwee an zwee en Spill virbereed hat. Ugefang hunn d'Carole B. an ech mat "Blinde Kuh". Dono koumen d'Carole S. an de Charlie. Si hu gespillt: Ech ginn a Schottland an d'Vakanz an huele mat:…!



An dunn koumen d'Flo a d'Lisa mat dem Spill, wou een en Ziedel mat engem Numm op de Kapp kritt an dann muss een Froen stellen fir erauszefannen ween een ass. Zum Schluss hu mir nach dat Spill vum Max a Christophe gespillt! Dat war deck witzeg! Do misst een e Numm schreiwen, weiderginn, Verb schreiwen, weiderginn, etc.
Dunn war et schonn spéit a mir sinn an d'Bett gaange, wou dunn awer nach (*****)Geschichten verzielt goufen!

*Julie*

## Donneschdes, de 24. Juli 2008

Also, haut war nees e Moien wou een

"ausschlofen" konnt. (Mir konnten eng Stonn méi laang schlofen)
Nodeems mir dunn "gemittlech" erwächt gi sinn. (Sven blärt: OPSTOEN!!!) Nodeems verschiddener eppes guddes giess hunn, hu mir ons Bréiderecher gemaach fir mëttes z'iessen, well do stoung Explo um Programm. Do hu mir ons dann e puer Monumenter ugekuckt, onse Froebou ausgefëllt an eis Edinburgh ugekuckt.
Mëttes hu mir dunn all zesummen den Edinburgh Dungeon "visitéiert". Nodeems eis Fraleit e bësse "gepeurt" haten, si mir dunn an d'Herberg zréckgaangen en hunn eis Zäit mat Telé kucken, Billard spillen, Internet, Schach a soss Dommheeten verdriwwen.
Dunn sinn et Nuddelen ginn an dono ass "Der grosse Preis" färdeg gespillt ginn. Dono koum d'Auswertung vum Explo, an dunn si mir nach bis no Mëtternuecht opbliwwen fir dem Lena fir säi Gebuertsdag ze gratuléieren.
Dunn war et dat och schonn gewierscht.

*Charlie*

## Freides, de 25. Juli 2008

Mir si moies um halwer 10 opgestanen. Dunn gouf sech séier ugedoen, gewäsch an eppes giess. Nodeems mir domat färdeg waren, war eng Visite duerch Edinburgh um Programm. Vridrun si mir awer nach erof op eng Terrasse gaangen. Et war gudd Wieder!
Dunn kruten d'Carole S. an d'Lena eng Iwwerraschung fir hiere Gebuertsdag! : Eng Schokelastärtchen mat 3 witzegen Schwéngerecher fir jiddereen.
Dono ass beim Starbuck's Café eis Visite lassgaangen. Mir kruten Informatiounen a goufe Saachen iwwer verschidde Gebeier etc gewuer. Et war interessant. Mir sinn zréck an den "Hostel" geträppelt an dunn gouf gekacht. Mir waren och nach an d'Camera Obscura. Dat war cool! Et ass e Musée vun optëschen Täuschungen. Nom Mëttegiessen haate mir Fräizäit oder hunn eise Rucksak gepak.
War dat erledegt, hu mir eis dann op de Wee an e Pub gemaach. Do hu mir zu owes giess! : Lecker!
Zréck an der Jugendherberg, gouf Tetris mat de grousse Rucksäck an der Camionnette gespillt.

*Lisa*

## Samsdes, de 26. Juli 2008

Moies si mir schonn erem esou brutal erwächt ginn: Huet een Duschgel!!??
Dunn hu mir eis e Bréidchen gemaach an si mam Bus op de Flughafen gefuer. Do hu mir mol de Fliger geholl a sinn heem geflunn. Um Flughafen Hahn sinn eis d'Eltere siche komm.

*Lena*






**Vum 5. bis den 14. August 2008**

## *Den eischten Dag 5. August 2008*

Um 19.00h hun mier eis op der Gare zu Luerentzweiler getraff. Voll gepaackt gouffen mer vun eisen Verwandten ofgeliwwert an hun eis mat Neid (well mer an e waarmt Land fléien) a Freed (dass se eis e puer Deeg lass sin an mol endlech Rouh am Haus ass) Äddi gesot.
Wéi mer eis Rucksäck gewiien a festgestallt hun, dass mer déi 20 kg pro Persoun agehaalen hun, sin mer an deen éischt Zuch vun eiser Rees geklomm.
An der Staad sin mer mat de Rucksäck iwwert d'Quaien an d'Traapen erof getorckelt fier op den Zuch op Tréier Hauptbahnhof. Mier hun eis ët um Quai gemittlech gemaach, een Deel vun eis huet sech nach Lesestoff an nach e bessen Proviant besuergt.
An et koum, wéi ët kommen misst. (Mier hun ët jo schliesslech mat der CFL ze dinn...). Eisen Zuch fiert op engem aaneren Quai fort.
Also hun mer eis Rucksäck erem opgelueden an sin op den richtegen Quai gaangen. Erliichert hun mer eis an deem 2. Zuch Plaatz geholl.
Jiddfereen huet sech ennerwee eng Beschäftegung gesicht: Musik lauschteren, Zeitung liesen oder e Buch liesen, den läschten Tratsch austauschen etc.
Zu Tréier ukomm, géint 21.05h, sin mer alt an deen nächsten Zuch geklomm fier op Koblenz.
Géint 23.00h sin mer endlech do ukomm a mier sin an deen 4. Zuch fier op Köln gelkomm.
Während dëser Zuchfahrt konnten mer witzeg Musek lauschteren (Kannerkanal, Operkanal, Bahnkanal).
Ouni Schloof, mat vill Vierfreed op den Burger King an mat däer witzeger Musik am Zuch hun mer och dës Zuchfaht iwwerstaanen an mier sin zu Köln ukomm, an dat matten an der Nuecht...

*Jil*

## *Den zweeten Dag 6.August 2008*

Zu Köln an der Gare ukomm hun mer Schliessfächer gesicht fier eis grouss Rucksäck. Eng Laascht manner ;-)
Dono hun mer e Rundgang duerch Köln gemaach wou mier an de Hard Rock Café eppes drenken wollten goen, deen awer dommerweis schon zou hat! Dunn hun mer eis ebben an de BurgerKing geklackt, wou een deck onbequem sutz. No enger Stonn Burger King ongeféiher, hun mer missten op d'Toilette. Toiletten zu Köln op der Gare

hun 1,10Euro kascht. Sauerei! Mier hun dunn décidéiert déi nächst S-Bahn ze huelen fier op de Flughafen.
Un Flughafen ukomm sin mer eis an d'Reih stellen gaangen fier anzechecken. Wou ech meng Carte d'Identité gewissen hun, sot déi Madame hannert dem Schalter, dass ech meng Gebuertsurkunde an eng Copie Conforme vum Buergermeeschter brauch, well ech nach keng 18 Joër hun!
Vue que dass ech esou eppes awer nët haat, misst d'Mireille e Betreueungshinweis ausfellen. Wou den Check-In endlech fäerdeg war, hun mer eis bei eisen Gate pacéiert an do gewaart bis et Zait war, fier an de Fliiger ze klammen.
7.30h ass ët eescht gin, no enger Stonn waaren mier a Kroatien ukomm. Eng Hetzwell ass eis entgéint komm. Um Flughafen a Kroatien hun déi méi aal Lait sech esou fiergedreckt fier hiert Gepäck, onméiglech...
D'Mireille an d'Tessy sin no eisem rouden Hunday kucken gaangen, deen mier gelount haaten.
Um Autocamp zu Glavotok ukomm hun mier versicht, d'Piqueten mam Hummer anzeschloen, net an de Buedem, mee an d'Steng!



Wéi mer eis Zelter stungenn an eis installéiert haaten, sin mer all zesummen op Krk an d'Wechselstube gefuer an dono an de Konzum Market. EMOL A NIE MEI!!!!!
De Caddy war baal méi breet wéi de Gang vum Rayon. Einfach nemmen schrecklech!
Wou mier no laanger Zait endlech alles haaten, sin mer rem zreck op de Camping gefuer bei eis onfrendlech Nooperen. Fier d'Owesiessen waren mer an de Restaurant um Camping iessen. Noom Iessen sutzen mer nach relax beieneen bis mer eis getesselt hun fier ze schloofen. Nuecht!

*Anne*

## Den drëtten Dag 7.August 2008

Den drëtten Dag sin mer rof vun der Insel gefuer, op Rijeka. Et war wéi emmer extrem waarm, mee awer schéin. Noo villen Traapen a Katzen waren mer dunn an en Naturwissenschaftsmusée. Fier extrem bëlleg dierften mer eis Saachen, wéi en Fesch deen d'Julie béis kuckt oder extrem vill verschidden Insekten ukucken. Dono sin mer dunn eppes iessen gaangen wou mer och déi extrem Gaaschtfrendlechkeet vun den Kroaten kennegeléiert hun, déi engem alles dohinner gehéien an wat nët déi eenzegt däerer Plaatzen war.
Mee all Land ass ebben aanescht.
Owes hun mer dunn eis Eröffnungsveilée wou mer als éischt d'Knuetspill gemaach hun a speider op Steeren éis Suergen oder Wensch fier d'Zukunft drop geschriwwen hun, fier déi mer speider och nach e Boot bauen sollten fier se raus op d'Mier ze schecken.
Ausserdem hat de Sven haut Gebuertsdag an mier sollten him e Kado maachen. Soumatt krut hien e Ballon deen Timmy geheescht huet a Kellogg's um Kapp hat.

*Lisa*

## De 4. Daag 8.August 2008

Mier schreiwen den 8 des 8 2008, dei eicht Sonnenstrahlen schengen iwert Campplaatz. Eng weider Nuecht ennert

freiem Himmel schlofen ass eriwer, an en neien Daach um Camp vun den Raro huet begonn. Als gudden Start an den Daach gouf et een gesond Moiesiessen wie all Daach bei den Raro. Nodemst des ofgeschloss war huet als éischt mol rëm misten gespullt gin. Ferdeg gespullt hun mer eis op den Wee gemaach fier bei den Tauch-heini alias Dragan oder wie och emmer :. Den Wee dohinner war enk an nach mei enk. Bei der Tauchstatioun ukomm, sin mer an eis wonnerschein Neoprenen erageschlüpft, an kruuten dun mol eischt thäorätesch Aféierungen an d'Tauchen. Dest oofgeschloss kruten mer eis Sauerstofffläschen an sin an Richtung Mier gewatschelt. Am herlesch kloren Mier sin mer dun tauchen gaang an hun wonnerschéin Saachen gesin, wie z.b Seegurken, Sand, etc. :. Op allefall eng schéin Erfahrung. Raus aus dem Waaser an raus aus dem Neopren sin ma dun do nach am Dierfchen eppes iessen gaang an hun eis dunn rem zreck op eisen schéinen Camping gemach, wou mer dun och fier den Recht vum Daach bliwwen sin.
Owes haaten mer dun nach en schéint Donnerwieder wu mer konnten nokucken well iwert eis haat ët natierlech nët gereent :. Aus Respect vum Wieder hun mer eis dun mol awer bessen an eisen Hotel(Camionette) zreckgezun. An leider war et eis die Nuecht dun och nët meiglech ennert freiem Himmel ze schlofen. Lange Rede kurzer Sinn… Et war alt rëm en schéinen Daach : Nuecht

*Charel*

## De 5. Daag
## 9. August 2008

Moies opstoen ënnert fräiem Himmel, et ass waarm wie eng Sau, jo jo sou kennen mer Kroatien.
Wat haut um Plang steet erfreet all Scoutshärz: mir ginn nämlech treppelen… Juhu!?
Vue dat et jo, wie schon erwähnt, sou sauwaarm ass, hunn eis Chefen eis en relativ kuerzen Wee eraus gesicht, iergendwou net weit wech vun Krk (boah ass dat en dommen Numm). Mat Iessen bewaffnet hunn mir eis dunn géinter Mëtten op den Wee gemeet, fir no gutt 3 oder 4 oder 2 Stonne nees do unzekommen, wou firdrun fortgaangen sinn. Ënnerwee hunn mer an Erkenntnis bruecht, dat et an Kroatien anscheinend gëfteg Schlaangen ginn an dat Leit, dei Fkk bedreiwen, och heinsdo interessant Kierpere kennen hunn.



Owes sinn mer dunn an d'Alstad vun Krk gaangen, wou eng méi lass war.
Ech mengen ob jiddefall datt dat sou war, wann der dat hei lo fir d'Zweet liest, dann entschëllegt w.e.g. main Saibecken - Gedächtnis.

*Sven*

## De 6. Daag
## 10. August 2008

Eigentleg hätten mir muer sollten en Treppeltour iwwert d'Insel maan, mee geschter war en klengt Onwierder iwwert Kroatien, sou dass et Samstes bessi oofgekillt war.
Sou hun mir Samstes moies eis Schmieren gemeet, Wasserflächen gefellt, Treppelschon ungedo, an lass ass et gangen.

Mir haaten eis en scheinen Wee laanscht d'Mier rausgesicht.
Et war och ganz schein, schein Aussichtspunkten ennerwee, just mir wossten net, dass déi Geigent beleift war fir FKK-Léit : Sou huet een heinsto eng schein oder manner schein Aussicht gehaat. Zumols bei eisem Mettes-Picnic, haha.
D'Sonn huet emmer mei gedreckt, bei verschidden Léit ass Stemmung bessi gefall, mee mir hun et awer all zesummen iwwerliewt.
Am Nometten sin mir nees beim Auto ukomm, mir sin Tessy ob Terrasse sichen gangen, an dann seier zereck ob den Camping fir ant Mier ze sprangen.
Den Rescht vum Nometten hun mir am Mier verbruecht, oder relaxéieren mat engem Buch.
Owes sin mir ant Haaptsstaat vun der Insel gefuer, well do eng mei lass war. (Ah, dat war och deen owend, wou mir en platten haaten, oder?)
Zu Krk war sou en Strossenfest mat Live kroatesch Musik, yeah!
D'Aalstaat ass awer schein sou beliicht owes. Sou hun mir eppes gedronk, deen een en Paaneg oder en lecker Donut giess, an mir hun eis nees Heem ant Zelt gemeet.
Fir schlooffen ze goen, war emmer d'Fro ‚Schlofen mir dobannen oder dobaussen?', bis dann och deen läschten loung, eng Sternschnuppe gesin huet, eppes gewenscht huet, an dun schein gedreemt huet. (ooohhh, wie scheiiinnnn)

## *Den 7., 8. an den 9. Daag 11., 12. an 13. August 2008*

Wärend dësen 3 Deeg hun mer eis Inselrundfahrt gemaach. An et gouf e puer Saachen ze entdecken, dat haaten mer op alle Fäll gemengt.
Mier hun während deenen 2 Deeg all gréisser Dierfer gesin, déi op der Insel ze fannen sin. An sie hun sech all immense geglach: een Glaceboutique niewt deem aaneren, just ennerbrach duerch en Souvenirshop. Mier hun awer all tapfer duerchegehaalen, well et als Belouhnung jo och eng Glace gouf. Mier hun während deenen 2 Deeg och no Klengechkeeten gesicht fier mat heem ze huelen, mee dat war alles guer net esou einfach.
Mier waren awer nët nemmen op grousser Shoppingtour, mee hun och eppes fier eis Scheinheet gemaach: Fango! Op enger Plage nët wait vun eisem Camping eweg (ok, et war naischt weit eweg) konnt een sech mat Schlamm areiwen fier eppes fier seng Haut ze maachen. Mier Meedercher waaren natiirlech direkt Feier a Flamm an hun eis mat grousser Begeschterung op de Bulli gestierzt. Noodeems mer eis gudd ageriwwen haaten an eis vun der Sonn drechnen gelooss hun, sin mer eis dunn an d'Mier owäschen gaangen.
D'Haut huet sech tatsächlech no eisem Scheinheetsprogramm ganz douce ugefillt, mee wat hun mier gestonk!!! Mee wéi seet een esou schein: Wer schön sein will, muss



leiden! An am Normalen bezuelen d'Lait och nach vill Geld fier esou eng Totoure fier d'Nues.

No eisem Scheinheetsprogramm ass et dunn wieder gaangen fier nach e puer interessant Plaatzen ze fannen, mee dat war guer nët esou einfach, well ët huet sech alles relativ vill gelach. Hues de eng "Staad" kannt, hues de së all kannt!

Op der Insel gouf ët awer och nach eng ganz bekannten an spektakulär Grott. Well mer eis dat jo awer nët wollten entgoen loosen hun mer eis op de Wee fier dohinner gemaach.

A wat war dat immense. Noo 10 Minuten stungen mer rëm beim Auto an hun eis op d'Heemrees gemaach. Dat Spektakulärt un der Grott war wahrscheinlech, dass een bei hier déi kiirzten Zait an d'Visit investéiert.

Wat mer eis awer natiirlech och nët konnten entgoen loossen war d'Visit vun der Haaptstad vun der Insel, déi och Krk geheescht huet. Mier waren de Weekend schon emol kurz bis op Krk gefuer, well d'Staad e Mettelalterfest organiséiert hat, wat mer eis natiirlech nët wollten entgoen loossen.



Hei gouf et e puer Saachen fier ze kucken, wéi zum Beispill eng aal Buerg, eng Kiirch an däer Pateren all Daag eng Mass haalen, en aalen Deel mat klengen Gesselen, an natiirlech Glacebuden a Souvenirshopen.

*Tessy*

## *De läschten Daag 14. August 2008*

Tescht 20 op 8 an halwer 9 huet d'Mireille, waat schon eng hallef Eiwegkeet waakrech war, gemengt ët misst déi reschtlech Memberen vun den Raro vu Lorentzweiler erwäschen. Dobai haaten déi sech dach den Owend fierdrun fest fiergeholl auszeschloofen! De Plang war wuel nët opgaang an se/mer konnten nët méi op eisen gemittlechen spatzen Stäng um Buedem wieder schlofen. Prompt gouf, wéi üblech, quasi an der Mall vun eiser Camionette gefrühstückt. An den nächsten Stonnen stung um Plang Zelter an Rucksaak apaaken. Daat war schnell geschitt ouni gréisser Komplikatiounen. Am Nometten hun mer nach vum leschten Daag an der Sonn profiteiert an verschiddener sin nach zum Oofschloss an daat wonnerbar kloert Wasser "schwamme" gaang. Iergendwann war ett dun awer leider Zäit fir sech op de Wee ze maachen, schliesslech misst eisen Mietwagen nach bessi an d'Rei gemaach gin op der Tankstell (an daer gin ett der net sou vill op der Insel Krk!) Mer waren dun och vill ze fréi um Flughafen, waat een dorunner gemierkt huet dass deen komplett eidel war. Keen wäit a breed, just eng Fraa am Infostand! Mir haaten dann och d Gleck dass den Bar och nach zou war;) Mee mir hu jo Gedold an hun d Zäit mat Kaarten spillen oder Rätselen ausfellen doutgeschloo :( Op deem Flughafen sin sou 1 oder 2 Flich den Daag gestart oder geland…net sou busy also. ) Pünktlech sin mer gestart, an mat dem Lidd "Ech sin de Lippa, Lippa Cobana.." hun mer eis vun Krk an Croatien verabschieded!

*Julie*



# Marche Gourmande
## 29. Juni 2008

Och dets Joër hun d'Raro hier Marche Gourmande nees duerchgezun!
D'läscht Joër haaten sech sou 25 Léit ugemellt, sou waren et dest Joër schon ganzer 65 Leit!
Em sou mei schein war et, dass d'Wierder och deen Dag matgespillt huet.
Den Départ war zu Boufer bei eisem Piratenscheff. Do gouf et dann mol en kaalen Apéritif an en lecker Schnittchen.
D'Leit hun sech dann ob den Wee gemeet richtung Posten ‚Entree'. Deen gouf et am Scoutsfoyer. D'Entree war eng Art Cocktail Crevette oder mat Thon.
Mettegiessen gouf et beim Neolitikum zu Blaschent.
Do haat een d'Wiel teschend Pouletsfilet mat Curryzooss oder Paprikazooss. Dobai goufen et Gromperen an Zalot.
Ab goung et bei den Dessert, deen ob der Fautelfiels war.
Do haaten mir eis eng kleng Iwwerraschung fir eis Gäscht firbereed.
Jiderereen kruut sein Dessert an engem Glas, wou ‚Marche Gourmande Luernzweiler' agravéiert war. Dat Glas konnt een matheem huelen. Als Dessert haaten mir sou eng Früchtecocktail mat Mascarpone gemeet. Ganz lecker!
Den Bauch gutt gefellt goung et dun zereck bei Piratenboot, wou een nach en Digestif oder en Kaffi kruut.

Duerch dat scheint Wierder konnt een nach gemütleg zesummen setzen an sein Digi geneissen.
Geint 17 Auer wann dun alles aus an un.
Mir hun dun nach alles gespullt, geraumt, gebotzt an sin dun och erschöpft an awer frou heem gefuer.



Dest Scoutsjoër maan mir och nees eng Marche Gourmande!
(Mir wellen ob en internationalen Camp an Island !)
An zwar den 21. Juni 2009! Haalt Iech dann do schon mol den Datum frei!

*Mireille*





De Redakter entzitt sech aller Responsabilitéit fir de Contenu vun dëser Rubrik a kann dofir och net fir irgendwellech kierperlesch oder séilesch Schied haftbar gemaach gin!

## Ech mengen dohannen klärt et rem op

So mol Charel, sin mer scho lanescht d' Ausfahrt Achern???

- Sou, mir gi spullen
- Spillen?
- Nee, spullen!
- Aahh spullen, ech haat gemengt spillen. Nee spullen ass langweileg.

**Den Ander ass neierdengs Ënnerwäschmodell, dofir wonnert iech net wann der en demnächst am Victoria's Secret Katalog gesidd!**



# Krk

Krk, hun déi keng Suen fir en anstännegen Duerfnumm?

**De Jitz zu Wolz ass infekt!**

**- Haaptsaach egaal waat**
**- Haaptsaach eng Haaptsaach**

Original SMS vum Fränk, nodeems hien sein Rucksack doheem opgemaach huet :

```
Merci vir d'Steng,
brauch der nach vir
d'Trockenmauer. Du
F****, du Sau, du
Luder du - 2 mal
```

- Dann gi mer Nachtbaden ...
- Wéi? Nacktbaden?

**Karl... Ech mengen et as haut un dier**



# Mir waren mat dobei!

Hei sin just déi Leit opgeläscht, déi hir Cotisatioun bezuelt hun an dofir och op där offizieller Membersläscht vun 2007/2008 vum Verband stoungen.

## BIBER

Bruni Andrea
Jacoby Ben
Jemming Sebastien
Kieffer Aurélie
Müller Jennifer
Schmalen Gil
Schneider Nick
Thimmesch-Wagner Sophie
Warken Jelena
Weber Lena
Wiggins Megan

***CHEFFEN***
Bidoli Renée
Brück Michel
Gallelli Jill
Krecké Elisabeth
Mayer Catherine
Schosseler Sven

## WELLEFCHER

Bode Lisa
Heisten Gilles
Heisten Michel
Jacoby Fränk
Klares Pol
Koch Vanessa
Mathias Lynn
Schneider Tun

***CHEFFEN***
Bichler Fanny
Brück Paul
Dostert Michel
Fournelle Germain
Rommes Anne
Schintgen Pol
Schosseler Jil
Weber Patrick

## AVEX

Bode Tom
Fettes Melanie
Kieffer Olivier
Roderes Rick
Toisul Céline
Wiggins Eric

***CHEFFEN***
Beck Jemp
Bidoli Charel
Bisenius Ben
Bisenius Lisa
Molitor Anne
Müller Ernestine

## CARAPIO

Beck Julie
Beck Max
Bidoli Lena
Bode Charel
Bordez Carole
De Dood Florence
Schmol Carole
Schmol Christophe
Toisul Fanny
Urbé Lisa

***CHEFFEN***
Linckels Sven
Panetta Nico
Prim-Ney Carole
Schroeder Ander

## RARO

Hanck Catherine
Jacobs Julie
Rinnen Tammy
Schaack Philippe
*(+ aaner Cheffen)*

***CHEFFEN***
Tessy HÖFLIGER
Mireille PEUSCH

## 5. BRANCHE

Jegen Marc
Leclerc Patrick
Massol Melanie
Menster Annick
Paulus Alain
Theisen Roby
Weis Manon
Weiss Annick
Wenger Philippe
*(+ aaner Cheffen)*

## MATAARBECHTER

Bode Camille
Fehlen Pascal
Kieffer- Everad Chantal
Leclerc- Feltes Nicole
Maes Myriam
Reuter Pierre
Weyerich Lucien
Wiroth Christophe
*(+ aaner Leit déi keng Cotisatioun bezuelt hun)*